PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven & GOERGEN Marc

Aktualitéitsstonn iwwert d'Flambée vun den Energiepräisser

Lëtzebuerg, den 10/03/2022

Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- Opgrond vum aktuelle geopolitesche Kontext sinn d'Präisser fir fossil Energien hei am Land an d'Luucht geschoss;
- Mënschen, déi vill op hieren Auto ugewise sinn an all Dag eng zéch Kilometer musse fueren, fir op hier Aarbecht ze kommen, sinn direkt vun der Präisshausse vum Petrol betraff;
- Laangfristëg ass et d'Zil, de Fuerpark am Land elektresch ze kréien. Kuerzfristëg ass dat Zil awer net realiséierbar, well d'Liwwerzäite fir een Elektroauto bis zu 15 Méint bedroe kënnen. D'Mënschen kënnen hieren Auto also net bis dat nächst Joer auswiesselen a musse méi Suen fir de Sprit virgesinn;

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. d'Frais de Déplacement op 115€ pro Unitéit z'erhéijen, fir de Leit direkt ënnert d'Ärm ze gräifen.